N°4400
Entrée le 16.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Här Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°4400 vum 6. Juli 2026 vum éierbaren Deputéierten Mars Di Barolomeo betreffend d'"Délais et modalités d'attribution des aides individuelles au logement".**

1. **Wéi gedenkt den Här Minister des Delaien ze reduzéieren, wuelwëssend dass vill Leit kuerzfristeg vun dësen Hëllefen ofhänken an des Hëllefen séier brauchen?**

De Ministère fir Wunnengsbau a Landesplanung huet an dee leschte Joren eng Rei Mesure geholl fir Beaarbechtungszäit vun den Dossieren ze reduzéieren. Virun allem duerch e Gesetz vum 19. Dezember 2025 goufen d'Prozedure fir d'Verschaffe vun den Dossieren an d'Berechnungsmodalitéite och wesentlech vereinfacht.

Esou kënnen z.B. mëttlerweil ronn zwee Drëttel vun den Dossiere vun der Loyerssubventioun bannent 2-3 Méint ofgeschloss ginn. Méi Detailer dozou sinn an der Äntwert op di parlamentaresch Fro Nummer 4275 ze liesen.

2. **Wéi genau sinn d'Bestëmmunge vun deenen eenzelnen Hëllefen am Fall wou den Demandeur net wärend engem ganze Joer e Revenu konnt virweisen? Ginn et do Ënnerscheeder bei deene verschiddenen Hëllefen? War sinn d'Grënn fir déi ënnerschiddlech Appreciatiounen?**

Säit dem Akraafttriede vum ofgeännerte Gesetz vum 7. August 2023 ginn déi individuell Wunnengsbäihëllefen déi un d'Akommes vum Stot gebonne sinn alleguer unhand vum Nettoverdéngscht vum Stot berechent an d'Berechnungsmodalitéite vun de Verdéngschter goufen och openeen ugepasst.

Huet en Demandeur net wärend engem ganze Joer e Verdéngscht gëtt deen – an dat bei all Bäihëllef déi unhand vum Verdéngscht berechent gëtt – op e ganzt Joer héichgerechent. Dës Héichrechnung soll eng Gläichstellung vun all den Demandeure sécherstellen an ass dofir och an den Artikelen 11, 13 an 32 vum ofgeännerte Gesetz vum 7. August 2023 iwwert déi individuell Wunnengsbäihëllefe verankert.

3. **Laut dem Internetsite "logement.lu" gëtt bei der Zenssubventionéierung de Revenu op ee ganzt Joer extrapoléiert, wann een net iwwert e ganzt Joer remuneréiert ginn ass. Kann den Här Minister confirméieren, dass bei der "prime d'accession à la propriété" d'Moyenne vum Nettoakommes vun deenen zwee Joer virum Acte gekuckt gëtt? Ass dëst am Aklang mat de gesetzleche Bestëmmungen?**

Bei der "prime d'accession à la propriété", gëtt an der Reegel eng Moyenne geholl vun de Verdéngschter vun deenen 2 Joer virum Kafakt. Am Fall wou de Stot dat virlescht Joer virum Akt keen Akommes sollt gehat hunn, ginn d'Verdéngschter vum Joer virum Akt a vum Joer vum Akt selwer a betruecht geholl. Och hei ginn d'Verdéngschter falls néideg op e ganzt Joer héichgerechent.

Dës genannte Berechnungsmodalitéite sinn och festgehalen am Artikel 32 vum erwäänte Gesetz an dofir och am Aklang mat de gesetzleche Bestëmmungen:

*« (2) Pour l'octroi d'une prime d'accession à la propriété, le revenu défini au paragraphe 1er correspond à la moyenne des revenus des deux années civiles qui précèdent la date de l'acte authentique documentant l'acquisition du logement ou la date de l'acte authentique en cas de vente en état futur d'achèvement du logement. Au cas où l'organisation de la construction du logement est réalisée par le demandeur, la date de début des travaux de construction déclarée au bourgmestre de la commune est prise en considération. Si la communauté domestique n'a pas eu de revenu au cours de l'année civile qui précède une desdites dates, aucune prime d'accession à la propriété ne peut être accordée.*

*Lorsque la communauté domestique dispose de revenus seulement au cours de l'année civile de l'acte authentique et de l'année civile qui précède cette date, le revenu défini au paragraphe 1er correspond à la moyenne des revenus de ces deux années civiles.*

*(6) Lorsque le revenu total à prendre en considération comprend un revenu provenant d'une occupation rémunérée qui n'a pas été exercée pendant toute la durée d'une année civile, ce revenu est à extrapoler sur l'année.*

*L'année civile pour laquelle aucun revenu n'a été déclaré ne peut pas entrer en ligne de compte. »*

**4. Gedenkt den Här Minister eventuell hei méi Kloerheet an Eenheetlechkeet eranzebréngen an des Extrapolatioun ofzeschafen?**

Di gesetzlech Bestëmmunge sinn an deem Punkt kloer an esou eng Héichrechnung vun de Verdéngschter op ee ganzt Joer stellt sécher, dass all d'Demandeuren op e vergläichbaren Akommesniveau bruecht, an domat och gerecht ee géigeniwwer deem anere behandelt, ginn. En Ofschafe vun der Extrapolatioun vum Akommes ass dofir net virgesinn.

**5. Ginn d'Léit, déi esou eng "prime d'accession à la propriété" vum Wunnengsbauministère kréien, op eventuell zousätzlech Hëllefe vun de Gemengen higewisen? Wann net, wier et net opportun dëst mam Schecke vum Zertifikat ze maachen?**

Wat di kommunal Subsiden ugeet, sinn d'Gemenge berechtegt am Kader vun hirer kommunaler Autonomie Mesuren – dorënner dann och eventuell Wunnengsbäihëllefen – am Interessi vun hirer Gemeng an hiren Awunner ze huelen. Dës Mesuren, falen deemno net an d'Kompetenz vum Ministère fir Wunnengsbau.

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2026

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch